DIDDELENG – ENG SAKGAASS!

"D'Forge du Sud", ewéi et esou schéin an den Touristeprospekter heescht, entwéckelt sech lues a lues zu enger chaotescher Sakgaass. Aus der gemittlecher Minettsstiedchen entsteet eng Minettmetropol ouni Verkéierskonzept.

Et erreecht een Diddeleng mam Auto iwwer zwee Weeër:
Dudelange/Centre an Dudelange/Burange

Iwwert déi éischt Sortie kënnt een direkt an den Zentrum. D'Zoufftger Strooss ass gewëss keng ideal Autobunnsortie, mä dës Strooss war fir vill Verkéier sécher ni geplangt.

Esou och d'Lëtzebuerger Strooss. Idyllesch ass d'Strooss mat Beem an Hecken ugeluecht ginn, mä dës Idyll trügt.
An der Entrée vun Diddeleng, wann ee vu Beetebuerg kënnt oder d'Autobunnsortie Dudelange/Burange hëlt, ass eng weider Strooss parallel zu der bestehender Autobunn geplangt an e Rond-point, e Labyrint am Stil vun dem bekannten Iergäertchen zu Sandweiler. Dëst soll déi zukünfteg "**Porte de Dudelange**" ginn.

- Dëse Rond-point soll de Chauffeuren erlaben, fir e puer Mol ze dréien, fir dann erëm am Stau ze stoen.
- Och déi nei Mataarbechter vum Staatslabo duerfen sech op dëse Verkéierschaos freeën, a sécherlech wënschen si sech erëm zréck an d'Stad.
  Da soll weider un dëser Strooss gebastelt ginn, am Stil vun der Route d'Arlon an der Stad oder dem Wee vu Walfer eran an d'Stad.
- En neie "Supermarché" Lidl soll eng Kéier vis-à-vis vum Aldi stoen an esou méiglech vill Leit op Diddeleng, op d'Lëtzebuerger Strooss, bréngen.
- Weider droen e puer Tankstellen zum Tanktourismus bäi, a gréisser Camionen aus allen Häre Länner kafen op der Lëtzebuerger Strooss an.
- De klenge Rond-point platzt aus allen Aangelen, an hei huet dann och nach en Immobilientalent e "cauchemareske" Wunnengsbau geplangt.
- Wann dann nach Ëmleedungen op der Autobunn oder op der Grenz no Frankräich decidéiert ginn, dann ass an der Lëtzebuerger Strooss d'Bëtschel fett an de Chaos perfekt.
- Ech wëll guer net un déi Industriefrichen op der Schmelz denken. Sollen dës Bewunner och nach op d'Lëtzebuerger Strooss, fir aus der Sakgaass ze fueren.

Et gëtt héich Zäit, datt zu Diddeleng iwwert e Verkéierskonzept nogeduecht gëtt. Mat dëse Projeten bréngt ee kee fräiwëlleg op Diddeleng. Gréng Vëlosweeër, den Naturpark Haard an den Aussichtstuerm um Gehaansbierg lackele keen an de Verkéierschaos oder an esou eng zougebaute Sakgaass.

Feststelle kann een, datt de Programm vum September 2010 vun der "semaine européenne de la mobilité" mat dem Slogan "***se déplacer mieux, vivre mieux***" de Responsablen zu Diddeleng nach net zu Ouer komm ass.

Schéi wär et, wann iwwerluecht géif ginn, net alles zouzebetonéieren, iwwert nei Verkéiersoptiounen nozedenken an d'Leit z'informéieren.

M.Mailliet
(Dideleng.sakgaass@gmail.com)